

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 15. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Aarbechtsakzidenter a Beruffskrankheete si berufflech Risiken, géint déi eng Ofsécherung iwuer déi gesetzlech Onfallversécherung besteet. Zu de beruffleche Risiken a verschiddene Secteure gehéiert den Ament och d'Infektioun mat Corona. D'Unerkennung vun enger Covid-Infektioun als Beruffskrankheet ka grouss Konsequenzen hunn, z.B. am Fall vum Verscheede vun enger covidinfizierter Persoun.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister fir sozial Sécherheet:

1. Kann den Här Minister bestätegen, dass eng Covid-Infektioun bei fräiwëllegen an haaptberuffleche Pompjeeën ëmmer als Beruffskrankheet agestuuft gëtt?
2. Bei de Polizisten ass dat awer net esou, do gëtt eng Covid-Infektioun net ëmmer als Beruffskrankheet agestuuft. Kann den Här Minister och dëst bestätegen?
3. Wéi vill Covid-Infektiounen si bis elo vun der Onfallversécherung als Beruffskrankheet an deene verschiddene Secteuren unerkannt ginn? Wéi vill net?
4. Aus wéi enge Grënn gi Polizisten a Leit vun de Rettungsdéngschter hei pauschal ënnerscheedlech behandelt?
5. Ass den Här Minister gewëllt, sech derfir anzesetzen, dass och bei de Polizisten eng Covid-Infektioun ëmmer als Beruffskrankheet sollt agestuuft ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten